**- Et gëllt dat geschwate Wuert -**
**Ried zur Laag vun der Natioun vum 10. Abrëll 2013**
**Interventioun M. Spautz 11. Abrëll 2013**

**Här Präsident,**
**Dir Dammen an dir Häeren,**

## Féliciatiounen JCJ

Als Alleréischt wiélt ech op dëser Plaaz dem Premier, dem Jean-Claude Juncker, fir séng ausféierlech Deklaratioun vun geschter félicitéieren.

## Introductioun

### Etat de la nation: Réckbléck an Zukunftsgstaltung

Den Etat de la Nation stellt, wéi all Joers, d'Geleeënheet duer fir iwwert politesch Akzenter a Mossnammen ze schwätzen esouwuehl déi, déi an denen léschten 12 Méint gesaat respektiv gehol gi sinn, wie déi, déi nach kuurz- an mëttelfristeg ze setzen oder ze huelen sinn. Et geet ëm Réckbléck an Zukunftsgestaltung.

### Bestandopnahm vun der Kriis ass e festen Bestanddeel vun der Ried zur Laag vun der Natioun

Et kann en net iwwert den Zoustand vun éisem Land, iwwert d'Laag vun der Natioun schwätzen ouni iwwert d'Kriis ze schwätzen, déi zanter 6 Joer d'Industrielänner an virum allem d' europäesch Länner an speziell d'Eurozone ferme am Grëff huet.

### Wahlen an Bildung vun der néier Regierung an Italien: d'EU hält den Otem un

D'Wahlen an Italien Enn Februar, déi vun kénger politescher Formatioun kloer gewonnen goufen versetzen die drëttgréisst europäesch Wirtschaft an enger politescher precairer Laag an d'EU hält zanterdem den Otem un.

### Fatal fir Italien an fir d'EU, wann Italien kéng stabel Regierung kritt

D'EU fäert dass Italien vum Reformwee oofkënnt, dass d'Reformen déi d'Ex-Regierung Monti ugekënnegt an schon zum Deel ëmgesaat huet net weidergefouert wäerten ginn oder

esouguer ausser Kraaft gesaat ginn. Mä wat virun allem fatal fir Italien an fir ganz Europa wier, wier dass an absehbarer Zäit kéng stabel Regierung zu stanne keim. Dann hätt Italien net nëmmen kee Kapitäin, mä d'EU hätt keen Uspriecherspartner. Daat hätt och Repercussiounen op eventuell Interventiounen vun der EZB, déi nëmmen dann kann intervenéieren wann bestëmmte Conditiounen gi sinn. Eng dovunner ass d'Existenz vun enger stabeler Regierung, déi och bereed ass Reformen unzegoen.

D'Wahlresultat an Italien hat och schon Konsequenzen op de Finanzmäert. Sollt dëst Land et net ferdeg bréngen eng stabel an funktiounsfäheg Regierung kuurzfristeg op d'Bënn ze bréngen, sinn mat weider negativ Konsequenzen op de Mäert ze rechnen an net nëmmen – an Daat ass daat Perfidt un dem Ganzen- fir Italien, mä och fir déi aner EU-Länner déi ugeschloen sinn.

## D'Kriss an Zypern ass éis net egal

D'Situatioun an Zypern dierf éis och net egal sinn. Eng Faillite vun dësem Land ass – zu mindest- fir de Moment emol ausgeschloss. D'Uspannung an och eng gewessen Onsecherheet ass awer nach ëmmer do.

## Rettung vun Zypern net beispillhaft

De Klima an Europa an an der Eurozone ass net gudd. D'Rettung vun Zypern wor an ass ëmstrieden. Daat mannst wat een kann soen ass, dass se net beispillhaft wor.

Ech wëll net héi op die eenzel Mesuren agoen déi getraff goufen, mä op die Art a Weise wéi de Rettungspak oder besser gesot d'Rettungspäk - et woren der jo 2 déi innerhalb vun e puer Deg ficeléiert goufen- zu stanne komm sinn. Ech wëll iwwert daat Bild wat d'EU-Länner, an virun allem den Eurogroup, vun sech ginn hun schwätzen, ech wëll iwwert d'Kommunikatioun no baussen, iwwert liichtferteg Aussoen vu Politiker an net die mannsten schwätzen, déi d'Gemidder opgeheizt hunn am Plaaz se ze berouhegen.

Den éischten Hëllefspak wor knapps ugehol ginn, an schon stung en massiv an der Kritik. E beemol wollt keen méi sech mat dem Pak identifizéieren. Och Zypern net, datt – anschéinend - drop gedrängt huet fir dass Keen vun der geplangtener Retenue op Erspuernisser sollt ausgeschloss ginn. Zypresch Politiker hunn den Onmut vun hiren Landsléit total ënnerschaat an d'Europäer woren frouh fir den Dossier esou schnell wéi méigleg zouzemachen.

## Schued vum EU-Image

Den Prinzip vun der Eegenbedeelegung vun Zypern bäi der Rettung vum Land steet net a der Kritik. Wat awer kritiséiert ginn ass, an net zou Onrecht, ass datt d'Verhandelungen zur Rettung vun Zypern eréischt 2 Deg virum Ultimatum vun der EZB statt fonnt hunn. An dass an kiirzester Zäit e Pak ficeléiert gouf. Dass daat net konnt opgoen, léit op der Hand.

Et hätt en missen vill méi fréih mat de Negociatiounen ufänken, Alternativen ausschaffen, des puer Proposen op den Desch léen an déi a Rouh mat den zypreschen politeschen Responsablen diskutéieren. Et hätt en missen kucken fir daat zyprescht Parlament an d'Diskussiounen matanzebannen. Et hätt en missen vun Ufang un kucken, dass den sozialen Aspekt net vernoléisseg gi wier. De Schued fir Europa ass grouss, wëll et esou ausgesäit wéi wann en d'Rettung vun Zypern iwwert de Knei gebrach gi wier.

**<u>Liichtfänkeg an nationalgeprägt Virgoensweis an Verhandlungsféierung am Kontext vun Zypernkriis</u>**

Ech wonneren mech iwwert d'Virgehensweis an d'Verhandlungsféierung vum jetzegen sozialdemokrateschen Eurogruppenchef. Wann e wëss, dass Holland niewt Däischtland, een vun denen weinegen Länner gewirscht ass, déi op eng Bedeelegung vun de Bankenklients'en gepocht huet, dann versteet en vläicht d'Haltung vum Här Dijsselbloem (dit „Deisselblom") besser.

Wann een de Bedenken vun deenen Engen an deenen Aneren während de Verhandlungen eng eescht Plate-forme ginn hätt - wat ech mir iwwregens vun engem Gruppechef erwaard hätt – hätt den 1. Hëllefspak fir Zypern bestëmmt eng aner Nues krutt. Dass grad e sozialdemokrateschen Gruppechef net drop gepocht huet fir dass die seriös Bedenken vun enger Partie vun Länner duerchdiskutéiert goufen, léist déiw blécken. Et schéint schlecht gestalt ze sin ëm d'Sozialdemokratie an Europa!

**<u>Net Äppel mat Bieren vergläichen an bis op daat Äusserst vereinfachen</u>**

Wat mech stéiert an der europäescher Kommunikatioun déi do stattfonnt huet, nodëms den 1. mä och den 2. Hëllefspak fir Zypern ficeléiert gouf, ass den ënnerschweellegen Message, dass d'Bankendépôten an Europa net sécher wieren.

A wat mech méi erschréckt wéi stéiert, sinn die liichtfankeg Aussoen, déi am Kontext vun der Kriis an Zypern, notamment vum néien Eurogruppechef, gemaach gi sinn, an déi Zypern mat aner europäesch Länner vergläichen. Zypern wier keen Eenzelfall – no dësen Aussoen- anner Länner an der Eurozone, och Lëtzebuerg, wieren krisenunfälleg, wëll hiren Bankensektor par rapport zu der gesamter Ökonomie obgeblossen wier.

Ech wëll just den Här Dijsselblom drun errënneren, dass et d'Hollänner sinn, déi zanter 5 Joer d'3% Defizitgrenz iwwerschréiden. Fir d'Joer 2012 ass e Minus vun 4,1 % virausgesot. An hir Schold léit bäi 71,2% vum PIB fir 2012. Esou Zuehlen fënnt en net bäi éis!

Wat mécht stéiert ass, wann alles zesummen gepucht gëtt, wann Äppel mat Bieren verglaach ginn, wann en bis op Daat Äusserst vereinfacht. D'Argumentatioun ass einfach falsch. Aléng schon bäi der Analyse vun der Situatioun an Zyperen ass extrëm vill vereinfacht ginn. Zyperen gëtt duergestalt als wäer et eng Stéieroase schlechhin wou räich Russen a soss Léit déi hir Stéieren net wëllen bezuehlen flüchten. Dass Zyperen virun allem eng Dréihschéiw fir auslännesch Investiounen a Russland ass, datt gëtt oft guer net erwähnt. Dass vill auslännesch

Investoren léiwer eng Joint-Venture an Zypern aginn a Plaaz direkt a Russland z'investéieren, wëll do de Rechtssystem net stabil genug ass, an aner Wierder wëll eng direkt Investioun mat héichen Verloschtsrisiken verbonnen ass, datt gëtt ënnert den Teppech gekiirt.

**<u>Däitsch Betribber notzen Off-Shore-Zenteren fir hir Investiounen an de Schwëllenlänner ze garantéieren</u>**

Et geet héi vill méi ëm wirtschaftelch Intérêten, wéi ëm Stéierspueren. Iwwregens vill europäesch, an notamment däitsch Betribber, notzen Off-Shore-Zenteren enner anerem an Südostasien, wéi Hong Kong oder Singapur, fir hir investiounen an de Schwellenlänner oofzesécheren. Daat seet keen. Daat stéiert keen!

Och net den Här Steinbrück, den léiwer pauschal séng Kavalerie op Off-Shore-Zenteren an soss Finanzplaazen lass léist, wéi de ganzen komplexen System z'erkläeren. Daat wier jo och net sexy an engem Wahljoer – éis däitsch Nopperen stëmmen jo am Hiersch oof. Daat suergt net fir politesch Stëmmung. Do léist sech politesch gesinn eng schrecklech Vereinfachung vun der Realitéit besser verkafen.

Remarque vum L.Mosar iwert London?

**<u>Vill Auslänner hun hir Suen zu New York placéiert</u>**

Ech hun och net vill héiren an der Presse oder soss, dass vill Auslänner zu New York wéineg oder niddreg Stéieren op hir Kapitalrevenuen géifen bezuehlen an dass Daat e Grond wier firwat sie hir Suen do placéiert hätten. Wann en d'Logik, mat der die lëtzebuerger Finanzplaaz attakéiert gëtt, bis zum Enn duerchdenkt, dann misst en op d'Konklusioun kommen, dass all Finanzzenter vun dëser Welt eng Stéieroase wieren. Daat ass absurd!

**<u>Liichtfänkeg Aussoen: Gëft fir Europa!</u>**

Ech wëss net op dës Aussoen nationalgeprägt sinn oder net. Ech wëss just, dass esou Aussoen der europäescher Finanzplaaz am Allgeméngen an esou och der lëtzebuerger Bankeplaaz schueden. Mat esou Messagen wéi déi déi am Rand vun der Zypernkriis vehiculéiert goufen, wäerten mir nie Rouh op de Mäert an an Europa kréien. Mat esou Messagen verléieren d'Léit weider d'Vertauen an den europäeschen Institutiounen, an den ass schon net ganz grouss. Esou Aussoen sinn einfach Gëft fir Europa!

**<u>Finanzkriis vun 2007-2008 vun enger Bank mat Sëtz zou New York ausgangen</u>**

Ech wëll och just héi eng Kéier drun ënneren, dass d'Banken- an d'Finanzkriis vun 2007-2008, vun der mir nach ëmmer d'Nowéihen all Dag ze spieren kréien, net vun enger

lëtzebuerger Bank - iwwregens och net vun enger zyprescher - ausgangen ass, mä vun enger renomméierter Bank mat Sëtz zu New York!

Zur Errënnerung, d'Kriis ass entstannen wëll vill Amerikaner, iwwerschëllt, hiren Kredit op hirt Haus net méi konnten zréck bezuehlen. An dëst ass op die extrëm risikobereed Geldpolitik vun der Fed zeréck ze féieren, déi an de Joeren 2002 bis 2004 extrëm niddreg Zënnstauxen festgeluucht huet fir se e puer Joeren méi spéit bannen kiirstester Zäit an d'Luucht ze setzen. D'Subprimekriis huet weltwäit an virun allem an Europa fir d'éischt de Bankensektor an dun all Wirtschaftssektor erfasst. Eng vun den Konsequenzen vun dëser déiwgréifender Kriis ass d'Verscholdungskriis vun enger Réih vun EU-Länner.

**<u>Den Ausléiser vun der Kriis ass definitiv net die lëtzerbuergesch Finanz- a Bankeplaaz!</u>**

Den Ausléiser vun der Kriis ass also definitiv net die lëtzebuerger Finanz- an Bankeplaaz. Die lëtzebuerger Finanzplaaz ass e performanten an profesionnellen Finanzzentrum wou qualifizéiert Léit a kéng Finanzjongleuren schaffen. Eis Finanzplaaz huet die Roll, déi se haut huet, wëll mir mat Zäiten d'Wichtegkeet vun bestëmmten Finanzproduits'en, wéi d'Fongen, erkannt hunn an dementspriechend legiféiert hunn. Esou zum Beispill wore mir die 1. déi d'Directive iwwert Fongen 1989 ëmgesaat hunn wat éis e Leadership an dem Beräich garantéiert huet. An Daat ass alles am Kader vun den europäeschen Regelen geschitt!

**<u>Lëtzebuerger Finanzplaaz: oft de Virreider</u>**

A wann d'Finanzplaaz bis haut sech gudd entwéckelt huet, dann huet daat och domatter ze dinn, dass sie sech permanent weiderentwéckelt, néi Produitsë développéiert. Oft spille mir de Virreider, mir sinn fir néi Ideen, néi Produiten, néi Instrumenter op. Et ass éiser gudder Nues an dem Know-How vun dene Léit déi am Bankesektor schaffen ze verdanken, dass éis Finanzplaaz nach ëmmer schwaarz Zuehlen généréiert an fir tausenden Aarbechtsplaazen steet.

**<u>Succès vun éiser Finanzplaaz provozéiert Jalouisen</u>**

Dass Daat Jalousien provizéiert kann ech verstoen, dass en systematesch probéiert engem Land séng Existenz duerch simplescht a falsch Argumenter ze kompromettéieren, ass einfach dégoûtant.

**Här Präsident,**

**Offshore-Leaks-Affaire**

Net nëmmen am Kader vun der Zypernkriis, mä och am Kader vun der „Offshore-Leaks-Affaire“ stinn d'Finanzplaazen dorënner de lëtzebuerger Standuert massiv ënnert Kritik, woubäi och héi simplistesch argumentéiert gëtt an Villes mat eneen verwiesselt.

Dass „The Guardian“, eng vun denen Zeitungen déi fir d’Affair „Offshore-Leaks“ verantwortlech ass, schréiwt- am Klénggedrécktenen wuehlverstannen- dass die Léit a Betribber déi op der vun hinnen publizéierten Léscht stinn sech net onbedéngt strofbar gemaach hunn, an aner Wierder sech kéngem Stéierhannerzéihung schëlleg gemaach hunn, dréit der gewolltener Obkläerung an Transparenz net bäi.

**Et gëtt keen Ënnerscheed gemach.**

Et gëtt keen Ënnerscheed gemach.

Dass mat grousser Wahrscheinlechkeet de gréissten Deel vun deene Léit an déi Betribber hir Suen vollkommen legal an d'Ausland investéiert hunn spillt guer kéng Roll. Interesséiert daat iwwerhaapt een? Fir de Gros vun der öffentlecher Ménung, e groussen Deel vun de Medien, wéi och verschidden Politiker sinn all dës Léit an dës Betribber potentiell strofbar, d’Banken kriminell an d’Länner, déi dës Banken beherbergen verächtlech Stéieroasen.

**Méi staark Zesummenaarbecht a Zukunft mat den auslänneschen Stéieradministratiounen**

Grad a Kriisenzäiten ass de Besoin no engem moraleschen Verhaalen an der Öffentlechkeet grouss. Die positiv Reactiounen op d'Aussoen vum Finanzminister nach méi staark mat den auslänneschen Stéieradministratiounen wëllen zesummen ze schaffen droen sécherlech dëser Fuederung no méi Moral Rechnung. An dësem Kontext errënneren ech, dass mir virun e puer Wochen héi am Plenum de Gesetzesprojet iwwert die stéierlech interadministrativ Zesummenaarbecht gestëmmt hunn.

**Lëtzebuerg ass kéng Stéieroase**

Et dierf een awer bäi all de positiven Reaktiounen déi dës Aussoen provozéiert hunn net vergiessen, dass Lëtzebuerg kéng Stéieroase ass an dass mir éis un all die europäesch an international Regelen, dovunner d’OECD-Standarden wat den Informatiounsaustausch ugeet, haalen.

**Mir hun kéng gerechtfertegt Demande oofgelehnt!**

Mir hun kéng gerechtfertegt Demande oofgelehnt!

Gewëss et ginn Praktiken déi verwerflech sinn an déi iwwregens och strofbar sinn. Et ass awer näischt Verwerfleches un engem System den op Kompétitivitéit setzt y compris wat die stéierlech Attraktivitéit ugeet.

**<u>Wat ass eng Stéieroase?</u>**

Et gëtt do keng kloer, figéiert Definitioun vun enger Stéieropase. D'OECD benotzt eng Réih vun Kriterien fir en Steierparadäis ze définéieren.

Daat ass:

- E Land wou et keng oder bal keng Steieren ze bezuelen gëtt ;
- E System deen onduerchsiichteg ass ;
- Keen Informatiounsaustausch praktizéiert.

Keen vun dësen Kriteren trefft op Lëtzebuerg zou!

Mir bezuhelen héi Stéieren an éise System ass transparent. Mir hunn all eis international Obligatiounen ëmgesat fir géint den Blanchiment ze kämpfen. Wéi den Premier richteg gesot huet poursuivéiert Lëtzbuerg eng strikt Politik vum wäissen Geld. Mir liewen net vun Steierhannerzéihung !

Net fir näischt sinn d'Effort'en vu Lëtzbuerg international unerkannt ginn. 2010, huet d'OECD eist Land vun der groer Lëscht vun net kooperativen Finanzplaazen erofgeholl. Wat ass dann d'Aarbecht vun der OECD nach wert wann een, trotz allen Effort'en, wann een trotz all Unerkennung, ëmmer erëm beschëllegt gëtt Blanchiment ze bedreiwen ?

Ausserdeem huet Lëtzbuerg eng Hellewull vun bilateralen Accord'en mat anneren Länner ofgeschloss. Mat Däitschland, mat Frankräich, mat der Belge, mat England, fir nëmmen déi ze nennen hunn mir Steierofkommen ofgeschloss an dat op Basis vum OECD Modell. Dëss Conventiounen gesinn haut schon en Informatiounsaustausch zwëschent den kompetenten Autoritéiten fir.

Déi nei Konventioun déi mer mat Däitschland ofgeschloss hunn gesäit esouguer explizit en Informatiounsaustausch fir, fir d'Steierhannerzéiung ze verhënneren.

**Här Präsident**

Et huet een d'Impressioun, wann en d'Presse liesst oder auslännesch Politiker nolauschtert, wéi wann Lëtzebuerg bis d'léscht Woch eng Insel gewierscht wier, wou et kéng Regelen gouf, wou en konnt machen an doen wat een wollt an elo wier e beemol „Schluss mit Lustig".

**<u>Automateschen Informatiounsaustausch réiht sech an enger ganzer Entwécklung an</u>**

Et dierf een och net vergiessen, dass d'Aussoen vum Finanzminister keen néien Moment duerstellen. Hien huet die léscht Woch näischt aneschters gesot, wéi daat wat hien schon zanter enger gewëssener Zäit seet. An de Premier huet et geschter nach eng Kéier an sénger Ried kloer widerhol:

De Schratt zum automateschen Informatiounsaustausch, den ass net iwwert d'Nuecht komm, mä den réiht sech an enger ganzer Entwécklung an, déi virun 12 Joer mam Feirakompromëss ugangen ass.

**Bankeplaaz: prépareiert**

Dës Schratt kënnt also net onerwaard. Eis Finanzplaaz huet dementspriechend schonns zanter e puer Joer die néideg Adaptatiounen an Mossnamme getraff fir prêt ze sinn. Et besteet also kee Grond elo fir nervös ze ginn. D'ailleurs d'Acteuren selwer, d'Bankeren, sinn vläicht net ganz frouh, mä sie sinn weder iwwerrascht nach zu Bodem zerstört. Wëll prépareiert!

**Sozialdumping: déloyal Konkurrenz!**

Et ginn Léit déi méngen sie missten de Stéierdumping an Europa bekämpfen. Daat wier déloyal Konkurrenz

Fir mech als den Sozialdumping eng déloyal Konkurrenz!

Wann op der enger Säit gefuedert gëtt, dass d'Kapital an all Land d'Selwescht bestéiert gëtt, dann muss op der anere Säit, och a um Niveau vum Sozial- an Aarbechtsrecht die selwescht Fuederung gëllen. Da muss och an Europa Schluss sinn mat Loundumping!

**All Aarbecht, egal wou se geléscht gëtt, verdéngt eng ugemiessen Unerkënnung**

Wëll all Aarbecht, egal wou se geléscht gëtt, verdéngt eng ugemiessen finanziell Unerkënnung! Esou léit de Mindestloun a Frankräich bäi 1.430 euros de Mount an an der Belsch do geet et je no Alter an Secteur tëschend 1.501 an 1.559 euros. An dann ginn et Länner, wéi Däitschland, do streiden se nach ëmmer op elo e flächendeckenden Mindestloun soll kommen oder net.

**5 euros Stonneloun brutto: iwwert 1 Millioun däitsch Salariés'en betraff**

An Däitschland kréien iwwert 1 Millioun Aarbecht e Stonneloun vun 5 euros. Brutto wuehlverstannen! Et ass e Skandal, dass am 21. Joerhonnert, Léit an Europa op

d'Ënnerstetzung vun der öffentlecher Hand ugewisen sinn obwuehl se 40 Stonnen d'Woch schaffen ginn.

Et ass ze hoffen, dass die Politiker, déi fir de Moment mat vill Energie géint die vermeintlech Bankparadéiser virginn, die selwescht Energie obwenden fir die gravéierend sozial Defiziter an Europa ze behiewen.

**G7**

An net nëmmen an Europa mä weltwäit. Et ass och ze hoffen, dass an internationalen Gremien, wéi den G7, en sech an Zukunft mat der selweschter Energie wäert fir d'Oofschaffen vun der sozialer Schieflaag, an zwar weltwäit, wäert asetzen. Et ass wënschenswert, dass iwwerall, och an den USA, d'Salariés'en an de Genoss kommen vun enger gemeinsamer sozialer Oofsécherung. Et ass och wënschenwert, wann mir et ferdeg géifen bréngen, dass all Land sech un Ëmweltstandarden an Klimazieler hält, an dass net nëmmen Europa héi Efforten mécht.

**Amerika**

Et wier och wënschenwert, dass an der Politik net mat ënnerscheedlech Approchen operéiert gëtt. Dass déi déi e.a. éis Bankeplaaz esou schaarf kritiséieren Mol virun hirer Dier géifen kieren, wéi zum Beispill d'USA. Sie imposéieren den Accord FACTA, hun awer selwer en sougenannten Stéierparadéis: den Delaware. 10.000enden vun Betribber sinn do ugemeld opwuehl se do näischt produzéieren. Sie hunn do just hiren Sëtz, an dëst bestëmmt net wéinst dem Wieder, mä wuehlverstannen aus stéierlechen Grënn. Global Players gehéieren zou dësen Firmen (Coca-Cola, Apple, Google, American Airlines, Bank of America, JP-Morgan). Ech géif héi den Här Aussenminister obfuederen, bäi der nächster Entrevue mam amerikaneschen Ambassadeur, dës Fro obzewerfen.

**Här Präsident**

**Mussen aus der Zypernkriis léieren**

Et soll een aus der Zpyernkriis endlech léieren Wert op den Dialogue ze leeën, Dialogue mat de betraffene Léit, mat denen déi um Verhandlungsdësch setzen, mä och mat de Volleksvertrieder am Parlament, Dialogue tëschend den EU-Partner wou d'Zweifel an d'Bedenken vun denen Eengen net liichtfänkeg als net Escht oofgewissen ginn.

Et muss en och Wert op d'Kommunikatioun leeën. Et muss een einfach léieren, dass Alles wat ee seet, alles wat een mécht Konsequenzen kann hunn, déi een net ëmmer kann stéieren. Et muss en den Wee zeréck zu den europäeschen Grondideen fannen an do stung bestëmmt net den nationalen Denk-. an Verhaalensmuster am Vierdergrond. Mir mussen zesummenhaalen an gemeinsam no Léisungen siechen. Et muss en sech Zäit huelen éischtens

fir e Pak ze ficéléieren an zweeetens fir en z'erkläeren. An et dierf en nie vergiessen de Léit Perspektiven ze ginn egal wéi batter eng Mossnamm ass déi gehol gëtt. Ech géif esouguer osoen virun allem wa se batter ass. Wéi solle mir soss d'Léit fir Europa begéschteren?

**Léiw Kolleginnen an Kollegen,**

Firwat schwätzen ech Iech am Kader vun der Debatte zur Laag vun der Natioun iwwert Italien an Zyperen?

Wëll alles wat an dene Länner geschitt, direkt oder indirekt Repercussiounen op die aner EU-Länner, also och op éis, huet.

**National Politiken hun eng europäesch Dimensioun**

Ëmgedréit, alles wat bäi éis geschitt, all Décisioun déi bäi éis gehol gëtt, all Mossnamm déi bäi éis getraff gëtt, huet respektiv kann Inzidenzen um europäeschen Niveau hun. All national Politik huet eng europäesch Dimensioun. Net fir Näischt ass de Semestre européen do, net fir näischt gin d'Stabilitéits- an Wuestumsprogrammer vun denen enzelnen Länner um europäeschen Niveau analyséiert an kommentéiert.

Wa mir also haut e Bilan zéihen vun Datt wat wor an en Ausbléck machen vun dem wat nach kuurzfristeg ëmzesetzen ass, dann dierfen mir den supranationalen Aspekt vun der nationaler Politik net vergiessen. Die national Decisiounen mussen, an ech hun et schon léscht Joer op dëser Plaaz gesoot, ënner Berücksichtegung vum europäeschen Kader formuléiert an ëmgesaat ginn.

**Recommandatiounen vun Bréissel am Kader vum Semestre européen net fundamental aneschters wéi z'Joert**

D'EU-Kommissioun wäert eréischt Enn Juni/Ufangs Juli séng Recommandatiounen am Kader vum Semestre européen oofginn.

Ech denken awer, dass se sech net fundamental vun denen vun dene léschten 2 Joeren wäerten ënnerscheeden. D'Erausfuderungen fir éis Land hun nämlech net fundamental geännert. Iwwregens déi vun denen aneren Länner och net.

**Här Präsident,**

**Finanzen**

**National makroökonomesch Gegebenheeten: Wuesstum an der Eurozone an zu Lëtzebuerg stagnéiert**

Mir mussen d'Politiken net nëmmen un Hand vun europäeschen Critèren an Parameteren definéieren, soss wier et jo nach relativ einfach. Nee, all Mossnamm déi getraff gëtt, all Akzent den gesaat gëtt, muss sech an die national makrookonomesch Gegebenheeten afügen, an déi erlaaben zanter e puer Joeren net vill Spillraum.

D'Joer 2013 stellt sech och als schwiereg duer mat engem Wuestum vun viraussichtlech just 1% no engem schwachen Wuestum am Joer 2012 vun + 0,3% An der Eurozone geet en esouguer fir dëst Joer vun enger negativem Wuestum aus (-0,9 bis -0,1%).

**Mir bléiwen an enger Defizitsituatioun**

Och wann den Wuestum zu Lëtzebuerg am positiven Beräich fällt, sinn mir längst net iwwert de Bierg. 1% Wuestum geet net duer fir die budgetaire Laag weessentlech ze änneren. Mir bléiwen an enger Defizitsituatioun. Mir schléissen d'Joer 2012 mat engem Gesamtdefizit vun – 0,8% vum PIB an mat engem Zentralstatsdefizit vun 2,6% PIB oof.

Nom Vote vum Budget 2013 léit den Saldo vum Gesamtstat bäi – 0,7% vum PIB an vum Zentralstat bäi 2,2% PIB.

Mir hatten 2012 en Defizitlaach vun ronn 1,2 Milliounen am Zentralstat. An no den Prognosen wäert sech dës Situatioun an dene nächsten 3 Joeren net verbesseren. Mir mussen also weider Suen léien goen. An wann een vun Scholden schwätzt, dann muss en och vun Zënsen schwätzen. Eis Scholdzëns huet sech zanter 2009 bal verduebbelt. Sie ass vun 128 Mio am Joer 2009 op 219 Mio am Joer 2013 erop gangen.

**Um Objectiv vum Equiliber an un d'Noutwenndegekeet vun de Reformen festhaalen**

Et ass dowéinst noutwenndeg un d'Objektiv vum Equiliber festzehaalen an dowéinst die noutwenndeg Reformen a Mossnammen weider ze féiheren.

Fir dass mir och an 6 Méint oder engem Joer nach ëmmer an der Trajectoire sinn respectiv fir dass mir an de Joeren 2016-2017, esou wéi de Premier daat geschter an sénger Ried gesot huet, an den Equiliber komme sollen, sinn awer weider Konsolidéierungsefforten noutwenndeg. Mir mussen un den Spuer- an Reformkurs haalen.

**Keng Austéritéitspolitik**

Et soll awer keen elo kommen an vu Austeritéit schwätzen an soen d'CSV wier fir d'Austeritéit.

Zou Lëtzebuerg sinn, esou wäit ech wëss, weder d'Renten oder den RMG nach den Mindestloun an dene léschten Méint ëm 20 oder 30 % eroof gangen, wéi daat zum Beispiel a Griechenland de Fall wor. Au contraire, de Mindestloun ass op den 1. Januar 2013 ëm 1,5% an Luucht gangen. Den Rentenajustement fir 2013 ass faale geloss ginn, daat stëmmt. Et dierf en awer net vergiessen dass d'Renten 2011 an 2012 all Kéiers ëm 0,95% ajustéiert ginn sinn an dass Lëtzebuerg generell kéng Altersaarmut kënnt, am Géigendeel zu aner Länner. Doriwwer eraus sinn éis Pensiounen indexéiert.

**Léiw Kolleginnen an Kollegen,**

Den Index ass op eng Tranch d'Joer bis 2014 festgeluucht ginn. Esou krutten d'Betribber die neideg Prévisibilitéit fir kompetitiv ze bléiwen an d'Kafkraaft vun de Léit an de Familljen ass gläichzäiteg erhaalen bliewen, wat indirekt och nës der Wirtschaft ze gudd komm ass. D'Investiounen bléiwen, trotz Kriis, héich mat 1,88 mia euros am Joer 2012 an 1,7 mia euros am Joer 2013, och wann de Niveau ënnert dem wäert bléiwen wat am Plan d'investissement pluriannuel vun 2008/2009 virgesinn wor.

Et dierf een och net vergiessen, dass mir een vun dene Länner sinn, déi die grousszügegst Familljenzoulagen ausbezuehlen. Mir hun den Chèques Service, den éis alëng d'léscht Joer 223 mio euros dem Stat kascht huet, adaptéiert an gekuckt, dass dës Adadaptiounen sozialgerech bliewen sinn. Dës sozial gerecht Afaptatiounen bréngen ronn 1 Millioun euros de Mount manner Ausgaben mat sech.

Datt sinn just e puer Beispiller déi weisen, dass en net kann vun Austeritéit zu Lëtzebuerg schwätzen. An ech hoffen, dass mir nie vun Austeritéit am Zesummenhang mat éisem Land wäerte schwätzen.

Mä mir musse zréck op de Wee vun engem nohaltegen Wuestum an den den fiirt eben net lanscht enger Konsolidéierung vum Budget bäi gläichzäitegen Wuestumsimpulser.

**<u>Nohaltegen Wuestum kritt en net zum Nulltarif</u>**

Et ass eng Ilusioun ze méngen de Wuestum kritt en zum Nulltarif.

Entweder et mécht weider néi Scholden an et liewt en iwwert séng Verhältnisser bis dass de System, wéi e Kaartespill zesummenfällt nom Motto: Après moi le déluge, an Daat op Käschten vun den zukünftegen Generatiounen. An daat ass genee de Wee den d'CSV net bereed ass ze goen.

Oder et versicht en sech die neideg finanziell Mëttelen ze ginn déi e brauch fir d'Wirtschaft unzekurbelen, fir die wichteg zufunftsorientéiert Investissementer ze finanzéieren an die weessentlech politesch Akzenter ze setzen, an dem en all Depense hannerfreet.

**<u>Nohaltegen Wuesstum just iwwert de Wee vun enger seriöser Budgetskonsolidéierung an net op Käschten vun den zukünftgen Generatiounen</u>**

Och op d'Gefor hin mech ze wiederhuelen: Et gëtt keen nohaltegen Wuestum ouni Budgetssanéierung!

An de Budget kritt en sanéiert an dëms en méi Recetten era kritt, wat an engem Moment vun wirtschaftlecher Morositéit schwéier maachbar ass oder demno wéi kontraproduktiv ass oder an dëms en op der Depensesäit agréift wat virun allem noutwenndeg ass, wann d'Depensen verschidden Automatisme ënnerléien, déi mat sech bréngen, dass d'Depensen stäneg klammen.

**<u>Intelligenten an verantwortungsvollen Ëmgang mat öffentlechen Suen</u>**

Et geet net héi drëms sech zou <u>Doud</u> ze spueren, et geet ëm en intelligenten, verantwortungsvollen Ëmgang mat öffentlechen Gelder.

**Här Präsident,**
**Léiw Kolleginnen an Kollegen,**

**<u>CSV kloer fir eng Politik, déi éist Land aus der Kriis soll manoeuvréieren</u>**

D'CSV huet sech kloer fir eng Politik ausgeschwaat, déi éist Land aus der Kriis soll manoeuvréieren an d'Weechen fir d'Zukunft soll stellen.

Et ass dës verantwortungsvoll Budgetspolitik, déi et erlaabt huet während dem Héichpunkt vun der Finanz- an Wirtschaftskriis Konjunkturmossnammen ze huelen fir d'Wirtschaft unzekurbelen. Et ass och dëser Politik „du bon père de famille" , wéi d'Franzousen géifen soen, ze verdanken, dass Lëtzebuerg verhältnissmässeg gudd do steet, op jidde Fall besser wéi verschidden aner Länne, déi en groussen Defizit an héich Scholden hun.

**<u>CSV-Fraktioun zesummen mam Koalitiounspartner huet net gezéckt sech fir zousätzlech Spuer- an Stéiermossnammen anzesetzen</u>**

Esou huet d'CSV-Fraktioun léschten Hierscht, zesummen mat der LSAP, net gezéckt an sech fir zousätzlech Spuer- an Stéiermossnammen niewt denen déi am Kader vum Budget ugekënnegt woren, agesaat, wëll mir onbedéngt de chronoeschen Defizit, den mir zanter e puer Joeren kënnen, an de Grëff wëlle kréien fir éise Kanner hir Zukunft net ze verbauen.

D'Konsolidéierungsmossnammen, déi mir am Dezember gestëmmt hunn, réihen sech an denen an, déi schonns 2010 an 2011 getraff goufen.

**Proposen JC Juncker an sénger Ried zur Laag vun der Natioun**

De Premier huet geschter an sénger Ried ugekënnegt, dass e weideren Konsolidéierungseffort vun 250-300 Milliounen euros fir d'nächst Joer néideg wäert sinn. A mir mussen effektiv an der Trajectoire bléiwen.

Dës Konsolidéierungsbeméihung schéngt mir, au Vu vun den makrookonomeschen Données'en, raisonnabel. Et muss en konsolidéieren, mä et dierf een net esou wäit spueren dass et kontraproductif gëtt, dass en domatter laangfristeg de Wuestum blockéiert. Wat hunn mir dovunner, wann mir kuurzfristeg mat engem Null-Defizit glänzen kënnen, wann mëttel- oder laangfristeg duerch oniwwerluuchten Konsolidéierungsmossnammen d'Croissance zum Stocken kënnt?

De Premier huet an sénger Ried geschter eng Réih vun Iwwerleeungen, Pisten a Mossnammen ugekënngt, déi dozou wäerten bäidroen de Budget an den Equiliber ze kréien. Dorënner zum Beispill d'Iwwerpréifen vun den finanziellen Hëllefen fir de Logement, d'Oofschaffen vun der zukünfteger Bonification d'Intérêt. Ech kommen nach op eenzel Mossnammen an Pisten zréck.

**Wa Villes gemaach ginn ass, bléiwt Villes ze machen fir die laangfristeg Oofsécherung vun éisen Finanzen**

Wëll och wa  Villes geschitt ass am Beräich vun der Konsolidéierung vum Budget, dass nach Villes ze machen ass fir laangfristeg éis Finanzen oofzesécheren.

**Zousätzlech, méi déiwgréifend, spréch strukturell Konsolidéierungsbeméihungen sinn noutwenndeg**

Zousätzlech, sinn nach ëmmer méi déiwgréifend, spréch strukturell Konsolidéierungsbeméihungen sinn noutwenndeg. Mä die kann een net iwwert de Knéi briechen, déi kann en net esou einfach vun haut op muer duerchzéihen. Do muss en die eenzel Budgetsbléck, genee ënnert d'Lup huelen fir ze kucken, dass mir um Enn och en kohäerenten sozialgerechten Pak ficeléiert kréien. Wëll et muss en wëssen, dass wann en un enger Schrauw dréie geet, dass daat Konsequenzen op aner Plaazen huet. Et ass wéi Seeldanzen. Et muss en oppassen wou en säi Fouss setzt, et kann en schnell ausrutschen, aus dem Gläichgewicht kommen.

**Mir brauchen eng Stéierreform**

An dësem Kontext ass fir éis eng déiwgréifend Stéierreform an Zukunft onëmgänglech virun allem am Hibléck op d'Ewegfaalen vun de Recetten aus dem E-Commerce. An dësem Punkt muss dann och iwwert d'Upassung vun der TVA diskutéiert ginn.

De Premier huet an sénger Ried vun geschter esou eng Reform ugekënngt awer net virun 2015. Et ass effektiv net ubruucht haut, an engem Moment vun schwacher Konjonktur, esou eng Mossnamm ze stëmmen. De Risiko de Wuestum am Kéim ze zerstéieren ass ze grouss. Die wirtschaftlech Prognosen fir 2014 an 2015 sinn besser wéi fir dëst Joer. Sie ginn vun engem Wuestum vun 2,3% respektiv vun 1,9% aus. 2016 soll de ealwuestum esouguer bäi 3,8% léien. D'Konditiounen wieren demno de Moment besser wéi haut fir esou Adapatiounen ze machen.

## VOIR- JUGER- AGIR

### Reformnoutwenndegkeet, Reformakzeptanz

Och wann daat laang net de Fall wor, sinn mir éis héi bannen elo Alleguerten eenz, dass mir e seriöen Problem hun, dass éis de Budget aus dem Ruder lëft an dass dogéint gestéiert muss ginn. Just iwwert de Wee, iwwert d'Modalitéiten sinn mir éis nach ëmmer net eenz.

## Pensiounen

### Reform vum Dezember wor eng éischt wichteg Etape, mä léist net all Problemer

D'Reform, déi mir am Dezember gestëmmt hunn, ass en éischten Schratt an die richteg Richtung, eng éischt Etape vun enger - an méngen Aen méi déiwgréifend strukturell Refom-gewierscht. Mat dësem Gesetz setzt enn die richteg Akzenter, mä dëst Gesetz léist net all d'Problemer déi op éis wäerten zoukommen. Héi muss nach eppes geschéien.

### Gefor vun der demographesch Entwécklung

D'Gefor vun éisem Rentesystem léit an der demographescher Entwécklung. Ëmmer méi Léit kommen ëmmer méi spéit an d'Beruffsliewen eran an – wat jo äusserst positiv ass- ëmmer méi Léit bezéihen ëmmer méi laang eng Pensioun. Wann et fréiher esou war, dass en vun 15 Joer bis 65 Joer schaffen gangen ass an mat 72 Joer gestuewen ass, esou ass daat hautdesdags aneschters. Haut fänkt een of eréischt mat 21 Joer un mat schaffen, et geet een an der Moyenne mat 59 Joer an d'Pensioun an et stirwt een an der Moyenne mat 78 Joer wann een e Mann an mat 84 Joer wann en eng Fra ass.

### Reform kann net lassgeléisst ginn vun enger Réih vun sozialen an beschäfetegungspolitesch Aspekter

Et ass och an méngen Aen ganz kloer, dass d'Rentenreform net lassgeléisst ka ginn vun enger Réih vun sozialen an beschäftegungspolitesch Aspekter. Déi mussen och duerchdiskutéiert ginn.,

**Propose Caritas**

Eng kléng Parenthèse: d'Austéritéit wier fir éis wann mir elo géifen op de Wee vun der Caritas goen déi an hirem sozial Almanach proposéieren, die maximal Rente vun 7.692.- euros op 1,5 Mol den Mindestloun erofzesetzen op 2.811.- euros. Ech soen direkt, daat gëtt net duer fir all Mount een Zëmmer an enger CIPA ze bezuehlen schon guer net fir eng Koppel!

Vill Léit zitéieren ëmmer gären den sozial Almanach vun der Caritas, wäert dës Propose och eng grouss Zoustëmmung kréien? Ech sinn gespannt!

## Aarbechts- an Beschäftegungspolitik

**Dir Dammen an dir Hären,**

**Mir brauchen eng proactiv Aarbechts- an Beschäftegungspolitik**

An der Beschäfegungspolitik besteet groussen Handlungsbedarf. Déi ass an méngen Aen z'iwwerdenken. Mir brauchen eng proactive Aarbechts- an Beschäftegungspolitik soss kréien mir de Chômage zou Lëtzebuerg nie an de Grëff. An den ass héich fir lëtzebuerger Verhältnisser.

**22.000 Léit op Siich no enger Aarbechtsplaaz – 7.000 néi Aarbechtsplaazen geschaffen : e Paradox**

Ronn 22.000 Léit sinn op der Siich no enger Aarbechtsplaaz. Ronn e Véierdel dovunner ass manner aal wéi 30 Joer. 22.000 Léit sichen eng Aarbechtsplaaz obschonns Lëtzebuerg och an der Kriis weider Aarbechtsplaazen geschaffen huet. Ronn 7000 am Joer 2012. Enn léscht Joer woren och ëm die 1.800-1.900 fräi Aarbechtsplaazen bäi der ADEM gemeld. Daat ass e Paradox.

D'Prognosen ginn och vun engem Emploiswuestum vun 1,6% am Joer 2014 an vun 1,2% respektiv vun 2,2% fir d'Joeren 2015 an 2016. Gläichzäiteg soll de Chômage bäi 6,7% am Joer 2013 léien fir am Joer 2016 op 6,4% eroof ze goen.

**Aarbechtslosegkeert ass e kompexen Problem**

Dës Zuehlen an prognosen weisen awer och dass mir den Negativtrend net mat simplisteschen oder einsäitegen Äntwerten gebraach kréien. D'Aarbechtslosegkeet ass e komplexen Problem den en weder mat einfachen kuurzfristegen Mesuren nach vun der Politik aléng geléist kritt.

**Jidderen ass gefuedert**

Jidderen ass gefuedert. Wann mir net alleguerten un den selweschten Strang zéihen, dann ännert sech näischt un d'Situatioun. An Daat kascht éis net nëmmen vill Suen, déi anescht besser investéiert wieren, mä – an datt ass daat Schlëmmst- en hëlt Dausenden vun Léit all Zukunftsperspektive eweg.

**Tripartite**

An dësem Kontext freeën ech mech, dass die Sozialpartner an d'Regierung nës de Wee vum Dialogue fonnt hunn. Et géif mech freeën, als fréiheren Gewerkschaftler, wann aus den bilatéral Diskussiounen eraus, sech gegebenfalls den aalbewährten Modell vun der Tripartite nës kinnt réactivéiert ginn. Mir brauchen den méi wéi jeh, wëll nëmmen zesummen kënnen mir progresséieren.

**Jugendchômage net als Fatalitéit akzeptéieren**

Virun allem d'Jugend brauch Perspektiven. Duerfir dierfen mir den Chômage an virun allem den Jugendchômage net als Fatalitéit einfach esou akzeptéieren. Soss kréien mir wirklech eng verlueren Generatioun. Wëll wann mir net die Jonk séier op den Aarbechtsmaart kréien, dann gëtt et duerno schwéier se obzefänken. An mir mussen se alleguerten obfänken, die qualifizéiert wéi déi onqualifizéiert.

Mir hunn eng ganz Panaoplie vun Mesuren am Beräich vun der Jugend getraff an mir stiechen och vill Geld am Suivi vun de jonke Léit déi am Chômage sinn. Die verschidden Pilotprojeten fir aarbechtsmaartfern Jugendlecher sollen ausgebaut ginn.

Daat sinn sécher Mesuren déi gudd sinn an déi hir Daseinsberechtegung hunn. Mä wat mech stéiert, ass dass mir vill vun der Jugend schwätzen, vill fir sie machen, mä wat haalen sie dann dovunner? Kënnen mir hir Ménung? Wësse mir wirklech wéi et hinnen geet, wat sie fillen, wat fir Schwieregkeeten sinn am Alldag hunn fir eng Plaaz ze fannen? Dat béi all desen Mesuren manner wéi Haalschent vun den geruffenen Jonken kommen, sprecht vleicht och vir sech. Hun mer déi richteg Instrumenter?

**Jugenddësch mat der Jugend**

Mir hatten virun Joeren en Rentendësch. Mir hätten elo gäeren, e Jugenddësch, wou all die concernéiert Acteuren net nëmmen iwwert d'Jugend mä mat der Jugend zesummen iwwert all

Aspect vun der Jugendaarbechtslosegkeet an vun der Jugendbeschäftegung diskutéiert an no konkreten Léisungen siicht.

## Schoul- an Bildungspolitik

**Schoulsystem an Berufsausbildung mussen sech besser un die verännert Gesellschaft an Aarbechtswelt upassen**

De Jugendchômage wéist, dass éise Schoulsystem, dass éis Berufsausbildung sech nach méi un die verännert Gesellschaft an Aarbechtswelt muss upassen. Un sech permanent muss upassen. Dëst ass eng Condition sine qua non fir dass éis Kanner den Uschloss um Aabechtsmaart fannen an d'Gesellschaft matgestalten.

**CSV huet all erfuederlech Reform matgedroen an wäert daat ochweiderhin machen**

Duerfir huet d'CSV och ëmmer die erfuerderlech Reformen an der Schoul matgedroen an wäert se och an Zukunft weiderdroen. Et ass kloer, dass den Reformeprozess den 2008-2009 ugangen ass weidergefouert muss ginn.

**Bilan vum Fondamental**

De Bilan vum Fondamental ass do. Hien stellt d'Pertinenz vun de Reformen net a Fro, am Géigendeel. Et bléiwt, dass eenzel Punkten, eenzel Aspekten, eenzel Volet'en z'iwwerdenken sinn. Et muss en elo also kucken wat fir genee Adaptatiounen gemaach sollen ginn an wéi déi sollen ausgesinn. Daat soll an denen nächsten Wochen geschéihen.

**Bilan vun der Reform vun der Berufsausbildung ass noutwenndeg**

An dësem Kontext wier ech och frouh, wann een e Bilan géif machen vun der Reform vun der Formation professionnelle elo wou se iwweraal do wou se geplangt wor ugelaf ass respectiv wou déi éischt Kanner de ganzen reforméierten Zyklus matgemaach hun fir och do ze kucken op a welsch Adapatiounen an Verbesserungen noutwenndeg a sennvoll sinn.

**Kee Kand faale lossen**

Mir mussen d'Schoulen esou reforméieren, dass kee Kand, kee Jonken faale geloss gëtt. Wat elo net wëll héschen, dass mir éise Schoulsystem, eis Diplomer bradéieren sollen oder wäerten. Wann ech soen dass kee Kand faale geloss soll ginn héscht daat, dass all Kand no séngen perséinlechen Fähegkeeten an Intérêten soll gefördert ginn.

**Plaidoyer fir d'Revalorisatioun vun der Formatioun professionnelle**

Daat héscht awer och, dass en soll ophaalen nemmen d'Studentenzuehlen per force an d'Luucht ze dréiwen. En zukunftsorientéierten Land en dynameschen Aarbechtsmaart brauch qualifizéiert Léit. Jo, mä daat héscht nach laang net dass all Kand, all Schüler den klasseschen Lycée packen muss an eng akademesch Laufbahn aschloen soll. Jo, mir brauchen Dokteren, an Juristen, an Manager, an Ingenieuren. Mä mir brauchen och gudd qualifizéiert Handwierker. Wa mir gäeren hätten, dass éis Betribber méi jonk Léit ausbilden, dass se méi Léierplaazen ubidden, dass musse mir kucken, dass net nëmmen den Inhalt vun der Berufsausbildung stëmmt, mä dann muss och eng Demande fir eng Berufsausbildung do sinn.

An do muss een sech froen, op d'Politik ëmmer kohäerent ass. Op der enger Säit, wie gesot, hätte mir gäeren dass d'Betribber méi Léierbouwen an –meedecher forméieren, mä op der anerer Säit, wat machen mir fir d'Promotioun vun der Formation professionnelle? Get et déi iwerhaapt, ausser an Sonndesrieden? Wéi solle mir jonk Menschen an däer hir Elteren fir eng professionnell Formatioun begeschteren, wann mir all éis Energie dorob verbrauchen fir just fir den Bac Plus oder hautdesdags den akademeschen Bachelor an Master ze werben.?

Mat der Schaffung un der Maison de l'Orientation, wou all déi zoustänneg Ministèren hir Servicer an dem Beraich regroupéiert hun, get zumindest versiicht eng Kohärenz an d'Orientatioun ze kréien. Awer dest get net duer: wéi gesot, wann net massiv Reklam vir d'formation professionnelle gemaach get – och béi den Eltern – dann kenne mer och keng qualifizéiert Facharbeiter – wéi eis daitsch Noppern dat nennen, kréien.

**Aléng wuessend Zuehlen vun Unisstudenten weder Erfolleg fir de Schoul- oder Bildungssystem nach Äntwert op die technesch Erausfuderungen vun der moderner Aarbechtswelt**

Ech denken net, dass wuessend Studentenzuehlen, wuehlverstannen Unisstudenten, aléng als Erfolleg fir e Schoul- oder Bildungssystem steet. Sie sinn och net, an méngen Aen, aléng eng Äntwert op die technesch Erausfuderungen vun der moderner Aarbechtswelt.

Mir brauchen eng zolit Qualifikatioun fir éis Kanner, mä mir brauchen dowéinst nach laang net fir all Kand en Unisdiplom.

**Organisatioun vun der Schoul**

Et ass kloer fir éis, dass wa mir vun Reformen schwätzen, dass dann d'Organisatioun vun der Schoul misst iwwerpréiwt ginn. D'CSV wor, ass an wäert och an Zukunft fir de Schouldirekter sinn. Mir fillen éis och mat éiser Fuederung bestätegt. Esouwuehl de Bilan

vum Fondamental wéi och den Avis vum Statsrôt zum Projet de loi iwwert d'Intervenanten am Enseignement fondamental plaidéieren fir esou eng Struktur.

**De Schouldirekter muss kommen…**

De Schouldirekter muss kommen!

Et gëlt d'Enseignanten vun hirer administrativer Charge z'entlaaschten. Et gëlt awer och en Instrument ze schaffen, an der Persoun vum Direkter, den d'Schoul leed, managt. De Schouldirekter soll den Haaptverankerungspunkt vun der hierarchescher Organisatioun vun der Schoul gin.

Doriwwer eraus brauchen mir en Uspriecherpartner fir all die betraffen Léit: d'Enseignanten, d'Elteren an, zu gudder Lescht, d'Geméngen respectiv den Edukatiounsministère. Den Schouldirekter soll den Dialogue an d'Concertatioun tëschend den concernéierten Acteurs'en net nëmmen facilitéieren, mä carrément gestalten an dëst grad elo wou de Schoulwiessen fonctionnariséiert gin ass.

**... zu mindest do wou et net gudd left**

Ech ginn gäeren zou, dass op verschidde Plaazen de Comité d'école gudd left an dass do kéng gréisser Problemer ginn, mä op aner Plaazen hunn mir grouss Problemer an de Schouldirektor ass die richteg Äntwert doropper. Dowéinst sollten zu mindest do wou et net gudd left Schouldirekteren kommen.

## Kompétitivitéit

**Här Präsident,**

Net nëmmen d'Konsolidéierung vun éisem Budget, mä och déi vun éisem Wirtschaftsëmfeld huet d'Agenda vun der Chamber an vun der Regierung an denen léschten Méint geprägt. D'Zukunft vun éisem Land hängt vun engem konkurrenzfähegen Wirtschaftsëmfeld oof. Mir hunn eng Réih vun Mossanmmen gestëmmt, déi bäidroen d'Kompetitivtéit vun éise Betribber ze stäerken. D'Regierung huet wëlles bis Enn dës Joers den 4. Fënnefjoersplang fir de Mëttelstand op de Wee ze bréngen. Mir mussen awer och d'Kadergesetz vun den PME'en iwwerschaffen.

Och wann de Finanzsektor an Zukunft weider eng bedéitend Roll wäert spillen an mir och héi éis beméiht hunn an beméihen wäerten d'Diversifikatioun weider ze dréiwen, da bléiwt et, dass mir och d'Diversifikatioun vun aner Secteuren ustriewen.

**Haut Comité pour l'Industrie**

An dem Zesummenhang begréissen ech d'Initiative vun der Regierung en „Haut Comité pour l'Industrie" an d'Liewen geruft ze hunn den dem lëtzebuerger Indutriestanduert an der Wirtschaft insgesamt ze gudd soll kommen. Et bléiwt, dass daat e Chantier ass den och eng europäesch Dimensioun huet.

Et dierf en net vergiessen d'EU geet enner anerem aus enger gemeinsamer Industriepolitik ervir. 60 Joer no der CECA wier et gudd wann mir Europäer die selwescht Audace, de selweschten Courage, die selwescht Visioun géifen entwéckelen wéi d'Grënner vun der EU fir eng gemeinsam Industriepolitik z'entwéckelen.

**Secteur vun der Logistik.**

An ech denken, dass do nach Munches ze machen ass. Zum Beispill am Secteur vun der Logistik. Wa mir wirklech wëllen op dësem Secteur bauen, den ganz kloer eng Zukunft huet, an wou mir grad esou kloer Atouten virzeweisen hunn, dann musse mir nach drun schaffen.

Die gudd geographesch Positioun kann net à terme aléng den Erfolleg garantéieren. Eng global Stratégie, wéi en kann d'Logistik zou Lëtzebuerg developpéieren, ass noutwenndeg. Mir hunn puer Plate-formen mä kéng richteg global Approche. Mir brauchen och e generellen Kader den dësen Developpement erlaabt an deen die potentiel Investisseurs'en usprécht. Mir mussen besonnesch op d'Infrastrukturen oppassen, do gëlt et an denen nächste Joeren net ze spueren oder zu mindest net fasch ze spueren. Do mussen ganz kloer Prioritéiten gesaat ginn an wirtschaftlech Kriteren mussen do matspillen.

An mir mussen schnell handeln. Besonnesch den Logistiksecteur ass enger grousser Konkurrenz ausgeliwwert. Eis Konkurrenten schlofen net.

Ech denken mir wäerten op die verschidden Aspekter vun der Kompétivitéit an e puer Wochen, wann héi am Plenum d'Debatte iwwert d'Kompetitivitéit vun éisem Standuert stattfënnt, zréck kommen. Et ass awer fir éis kloer, dass wa mir vun wirtschaftlecher Entwécklung an Kompétitivitéit schwätzen, dass en dann op verschidden Niveaux'en muss handelen. D'Gesamtëmfeld, daat fir e Betribb wichteg ass, muss interessant sinn a bléiwen. Dozou gehéiert niewt engem gudden Strossennetz an Kommunikatiounssystem sécher d'Stéierpolitik, déi weider attraktiv muss bléiwen., den Ausbau vun der Fuerschung, déi méi eenk mat der Wirtschaft vernetzt muss ginn oder d'Berufsausbildung, déi – wéi ech daat virdrun schon gesot hun - stäneg un d'Gegegenheeten vum Aarbechtsmaart muss ugepasst ginn. Mir brauchen eng Mëschung aus ville Mossnammen, déi an ënnerscheedlechen Beräicher getraff ginn an déi op eneen oofgestëmmt sin.

Kompetitivitéit vun éise Betribber ass wichteg net wéinst der Kompétitivitéit un sech, mä wëll en kompétitivt Ëmfeld Aarbechtsplaazen schafft.

Den Engagement vun der Regierung zu Bréissel fir d'Erhaalen vun enger gemeinsamer Agrarpolitik wéist wéi wichteg den Agrarsekteur fir éis ass, an dass mir och héi kompétitiv

musse bléiwe. Mir begréissen ausdrécklech dass e néit Gesetz soll op den Instanzenwee kommen.

**<u>Kompétitivitéiit duerch méi eenk Vernetzung vun der Fuerschung mat der Wirtschaft</u>**

Kompétitivitlit berouht och op eng efficace an wirtschaftorientéiert Fuerschung. Daat soll an méngen Aen vill méi an de Viierdergrond kommen wéi daat haut de Fall ass.

## Aménagement du territoire

Ech sinn frouh, dass mir d'Gesetz iwwert den Améngement du territoire virum Summer kënnen stëmmen. Dëst Gesetz ass d'Grondviraussetzung fir dass die 4 Plans sectoriels, déi als mir als Instrument fir eng intelligent an och och betribbs- an ëmweltfrënndlech Planung brauchen kënnen ëmgesaat ginn.

## Intégratioun

Här Präsident,

**<u>Keen Zesummenliewen an –haalen ouni Integratioun</u>**

Et gëtt keen Zesummenliewen an – haalen ouni Integratioun. Ech sinn dowéinst frouh, dass den Justizminister, de François Biltgen, d'Reform vum Nationalitéitengesetz op den Instanzenwee bruucht huet. Dëse Projet réiht sech an all denen an déi ënnert Federführung vun der CSV an dene léschten Joeren duerfir gesuergt hunn d'Intégratioun vun éisen auslänneschen Matbierger ze stäerken. Ech denken do un d'Aféierung vun der duebbler Nationalitéit oder die allgeméng Ouverture vun der Fonction Publique fir d'EU-Bierger.

**<u>Multikulturell Gesellschaft e grousst Räichtum</u>**

Mir sinn eng multikulturell Gesellschaft. Daat bréngt eng Réih vun Problemer mat sech, mä datt stellt virun allem e grousst Räichtum fir éis duer. An ech schwätzen net nëmmen héi vum ökonomeschen Räichtum. Ech schwätzen héi virun allem vun dem menschlechen, kulturellen, sozialen Räichtum.

**<u>Vereinfacht Conditiounen fir Lëtzebuerger ze ginn ouni d'Nationalitéit ze bradéieren</u>**

Déi Léit, déi héi zu Lëtzebuerg wunnen a schaffen, an déi och héi wëlles hunn ze bléiwen, sollen et méi gemaach kréien fir Lëtzebuerger ze ginn ouni elo awer d'Nationalitéit ze bradéieren. Ech denken, dass die Conditiounen déi am Gesetzestext stinn, Conditiounen sinn déi ze erfëllen sinn, déi net onméiglech sinn fir d'Léit.

**<u>Integratioun fänkt awer bäi de Kanner un</u>**

Intégratioun fänkt bäi de Kanner un. Ech denken, dass do d'Regierung villes gemaach huet notamment iwwert de Wee vum Précoce, vun de Chèques Services déi et Jidderengem erlaabt säi Kand qualitativ gudd betréiten ze lossen an domatter d'Chance ze hunn notamment fir auslännesch Kanner fréih a Kontakt ze kommen mat éiser Sprooch.

**Léiw Kolleginnen an Kollegen,**

## <u>Familljen- an Sozialpolitik</u>

Wann d'Famill fir éis nach ëmmer de Käer vun éiser Gesellschaft ass, dann huet hir Form sech mat der Zäit verännert. Sie ass méi pluralistesch ginn. Et gëtt net méi eng eenzeg Familljenform. Daat kann en gudd héschen oder net. Et ass et fait. Et ass och e Fait, dass d'Politik dës Ännerungen net kann an dierf ignoréieren. Sie muss se begleeden.

Villes ass an der Pipeline wéi d'Bestiedniss tëschend gläichgeschlechtlech Koppelen oder d'Modificatioun vum Adoptiounsrecht, dës Projeten missten geschwënn gestëmmt ginn wéi och d'Gesetz iwwert d'Violences domestiques. Aner Projeten missten do nokommen wéi d'Reform vun der Autorité parentale oder d'Filiatioun.

Dës legislativ intensiv Activität dierf éis awer net dozou féieren, dass mir d'Familljenpolitik net méi hannerfroen. Wéi steet et effectiv mat éiser Familljenpolitik? Ass se nach ëmmer attraktiv fir d'Léit? Ënnerstetzen mir genug d'Familljen mat Kanner? Ass éis Familljenpolitik nach finanzéierbar?

Sozialtransferten machen iwwer 35% vun de Gesamtdepensen aus. Tendenz steigend wëll vill vun dësen Mesuren op Automatisme baséieren. Laangfristeg ass daat doten net ze finanzéieren. Ech hun et schon gesot, ech wiederhuelen mech, mir musse Choix'en treffen an mir mussen kucken, dass mir net ëmmer just eng Kategorie vu Léit treffen soss stapazéiere mir d'Sozialkohäsioun am Land.

Et sinn eng Réih vun Mesuren gehol ginn, déi d'Käschten sécher oofbremsen wéi zum Beispill am Beräich vun den Chèques Services. Zanter dësem Januar geet no méngen Informatiounen no den Montant vun der Participatioun vum Stat ëm ronn 1 Milliooun pro Mount eroof. D'Mesuren déi mir am Dezember gehol gréifen, zu mindest an dësem Beräich.

**Néi Ausrichtung vun der Familljenpolitik**

Et bléiwt, dass de Käschtepunkt vun der Familljenpolitik au sens large nach ëmmer extrëm heich ass. Ech denken, dass mir net lanscht eng néi Ausrichtung vun der Familljenpolitik kommen. Ech denken, dass och héi strukturell Reformen dra missten sinn. An wann ech vun Familljenpolitik schwätzen, dann ass daat all Aspekt vun der Familljenpolitik. Vun der Kannerbetréiung iwwert Familljenzoulagen bis hin zur Bestéierung vun de bestuedeten Koppelen. Déi Diskussioun musse mir féiheren.

**Verschidden Lëschtungen am Sozialberäich op de Leescht**

D'Regierung huet Wëlles am Sozialberäich verschidden Leschtungen op d'Leescht ze huelen. Sie huet och wëlles d'Finanzéierung vun der Flegeversécherung z'iwwerkucken. Mir hunn héi, grad wéi bäi de Pensiounen, en demographeschen Problem. D'Zuehl vun de Beneficiairen vun der Flegeversécherung geet an d'Luucht, an d'Käschten wuesen. Op mir elo op de Wee vun enger Agrenzung vun de Prestatiounskäschten ginn oder op den vun enger Cotisatiounserhéichungen fir d'Assurés'en soll a Rouh duerchdiskutéiert ginn. Et bléiwt, dass mir och do Akzenter setzen mussen.

**Geméngen**

Die gesamt Geméngelandschaft muss sech änneren fir dass d'Geméngen un d'Erausfuederungen vum 21. Joerhonnert stellen kënnen. Do hun mir schon Villes geléscht. Ech denken do un den Fusiounsprozess den ageleet ginn ass an den weidergefouert soll ginn, un d'Geméngegesetz den moderniséiert gouf.

**Reform Geméngenfinanzen**

Et bléiwt, dass nach Villes op dësem Gebidd usteet, wéi zum Beispill bäi de Geméngenfinanzen. Daat ass och Prioritéit fir die nächst Wochen an Méint. D'Geméngenfinanzen sollen reforméiert ginn am Sënn vun méi Effizienz an méi Gerechtegkeet. D'Geméngen mussen die noutwenndeg Revenus'en kréien fir kënnen am Intérêt vum Bierger ze fonctionnéieren, fir kënnen die néideg Investissementer fir d'Zukunft ze machen.

D'Grondprinzipien vun eisen Gemengenfinanzen sinn och emol guer nët esou schlecht, se entspriechen just nët méi onbedéngt der Réalitéit vun eiser Gemengelandschaft.

Eis Gemengefinanzen sin ausgeluegt op eng Gemengelandschaft mat e puer groussen an villen klengen Gemengen. Eng Situatioun wéi et se och virun 30 Joër gouf. Zum Deel mir si nach haut hun. 74 vun 106 Gemengen hun manner wéi 3.000 Awunner.

Mee d'Aufgaben vun de Gemengen sinn an der Zwëschenzäit gewues. D'Erwardungen vun de Bierger- landeswäit déi selwëscht Dingschtleschtungen ze kréien, ginn- legitimer Weis- méi grouss. Kleng Gemengen hun awer nët déi finanziell Méiglechkeeten fir dem gerecht ze ginn.

Nei Aufgaben verlangen also eng Neiuerdnung vun eiser Gemengelandschaft: mat méi groussen Gemengen an méi finanziellen Mëttelen.

Den sougenannten Perequatiounsmechanismus, also d'Verdeelen vun den staatlechen Zouwendungen no Awunnerzuel, Gemengenfläch an Aneres, mécht dass eng ganz Reih vun Gemengen iwwerhapt kënnen finanziell bestoen. D'Critèren vun dëser Emverdeelung sin awer nët ëmmer schlësseg. Eng Reih Gemengen hun zum Beispill grouss Industriezonen an domat verbonnen jo och verschidden Chargen. Si kréien awer nët vill eegen Gewerbesteier well d'Betriiber an denen Zonen nët vill Steieropkommes hun. Aus dësem Grond ass de finanziellen Ureiz fir klassesch Industriezonen ze schafen, éischter limitéiert.

Dat as awer an Kontradiktioun mat der Industrie-an Mëttelstandspolitik vun der Regirung. Bei Bürosgebäier mat Finanzdingschtleeschtungsbetrieber oder Satelitenbedreiwer as d'Rechnung da schons eng aner. Et mécht duerfir wéineg Sënn, wéi vun eenzelenen ugeduecht, d'Gewerbesteier strikt op Betriebssteier unzelenen, an se daer Gemeng zoukommen ze loossen wou de Betriib etabléiert as. Vun esou engem System géifen just eng handvoll Gemengen profitéieren déi rentabel Dingschtleeschtungsbetrieber bei sech haetten.

**<u>RTL</u>**

Mir mussen eis bewosst sin datt d'Territorialreform an d'Reform vun den Gemengefinanzen Hand an Hand gin. Daer nationaler Politik hier Aufgab ass ët de Prozess proaktiv an beschleunigend ze begleden. An puncto Finanzen, mussen mir an der Zwëschenzäit alt mat dem aktuellen System virun fueren.

Eenzel Mesuren mussen schon an d'Aan gefaasst gin. De Kollege Gilles Roth haat schon e puer Iddeen an séngem Budgetsrapport lancéiert wéi z.B. d'Deckelung vun den pro Kapp Akommes um Niveau vun der Gewerbesteier an der Dotation de l'Etat.

**<u>Grondsteier</u>**

D'Grondsteier ass jo an sech eng lächerlech Gesamteinnahm fir d'Gemengen vun 30 Milliounen€ d'Joër. Manner wéi d'Halschent vun der Autossteier.
Wann ee wëll mam aktuellen System weider fueren, kënnt een nët laanscht eng Neibewertung vun den Immobilien. Dat ass een nët onwesentlechen Verwaltungsopwand. D'Zielführung ass dobäi nach nët onbedingt schlësseg.

Eng aner Méiglechkeet wier et, sou als Denkustouss, landeswäit een Referenzwert pro m2 fir Terraien festzeleen mat der Differenz op den Terrain bannent oder baussent dem Perimeter läit. Dësen Referenzwert géif dann mat engem Gemengenhebesatz multiplizéiert ginn. Bei Häiser oder Betriebsgebäier géif een den Referenzwert op de m2 Brutto Wunn-oder Notzfläch festleeen, an och do mat engem Gemengenhebesatz multiplizéieren. D'Basis wier jiddenfalls landeswäit ëmmer de m2 als Unitéit.

D'Differenz géif duerch d'Laag vum Terrain-bannet oder baussent dem Perimeter an dem kommunalen Hebesatz kommen. De Gesetzgeber kéint och nach eng Fourchette festleen têschend daer den Gemengenhebesatz sech kéint bewegen, vir eventuell Abusen ze verhënneren.

Esou een System as an verschidden däitschen Bundeslaenner an der Ausarbechtung.

Et muss en och endlech serinement iwwert d'Trennung vun den Mandater dikutéiert ginn.

## Logement

De Premier ass geschter a senger Ried och rem op Problematik vum Wunnengsbau a vum Logement agaangen.

Et ass bekannt dass den Haaptproblem op der Offersäit läit. Nodeems den Appel vum leschte Joer keng Friichten gedroen huet, huet de Premier eng Partie vun néien Mesuren ugkennegt déi op der Säit vun der Vergréisserung vun der Offer u Wunnengen soll spillen.
Mir begréissen dess eenzel Mesuren ausdrecklech an hoffen, dass de Logementsminister dess Mossnahmnen genee wei Néiegstalltung vun den eenzelenen Aide'en zu Gonschten vum Wunngenbaus seier an d'Realitet wärt emsetzten.

Mir deelen Meenung vum Premier dass och eis Gemengen e wichtegen Acteur am Wunnegsbau sinn, an och eng Verantwortung an desem Beräich hun.

Dofir begréissen mir déi néi « Gestion locative sociale » wou Gemengen Méiglechkeet kréien eidel Wunnengen vu Privatstéit oofzelounen, fir se dann u Stéit mat klengen Revenu weider ze verlounen.

Mir begréissen och, dass een Text an der Finalisatioun ass, deen de Gemengen wärt Méiglechkeet ginn eidelstoend Wunnengen mat enger Taxe ze beleen.

Domadder gett sechergestallt dass een uniforme Text kennt deen an all Gemeng selwecht gehandhabt gett. Lo muss just nach sechergestallt ginn dass et och an all Gemeng applizéiert gett.

Da begréisse mir natiirelch och nierft dem Aféieren vum Mietzuschuss d'Aféieren vun engem Prêt zum Nullzensaatz fir den Energie-Assainissement vun aale Wunnegenn.
Ech mengen daat entsprecht grossmoddo och deem waat DP hei schons zennter Joren emmer an emmererem fuedert.

Zu gudder lescht sinn mir iwwerzeegt dass sech Lag um Wunnengsmart endlech wärt entspanen war mir bis Gesetz iwwert den Aménagement du Territoire gestemmt hun, mat der konkreter Emsetzung vum plan sectoriel logement kennen ufänken.

## Modern Institutiounen

Mir brauchen och modern Institutiounen, déi den Realitéiten an Erausfuederungen vum 21. Joerhonnert Rechnung droen. Do sinn eng Réih vun Projeten um Instanzewee. Ech denken un d'Reform vun der Verfassung mä och un d'Reform vum Prisongwiesen. Aner wichteg Projeten sinn ugekënnegt, wéi d'Reform vum ganzen Système judiciaire. Daat ass den Conseil national de la Justice oder nach d'Cour suprême.

De Premier huet eng Reform vum SREL ugekënnegt. D'Regierung, mä och d'Chamber wäert sech en Code de bonne conduite ginn. Daat entsprécht enger moderner Demokratie.

## Schlusswuert

Wéi as mat der Simplifikation administrative? Soll en dat net méi der Kompétitivitéit abannen?